ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Juli 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Däitschland ass bekanntlech e Virreider an der Wandenergie an Europa, an deementspriechend leien do och vill Erkenntnisser iwwert den Impakt vun esou Installatiounen op de Mënsch an d'Natur vir. Virun allem dës Effekter vu Wandanlagen hunn deemno negativ gesondheetlech Konsequenzen op d'Leit: Schlagschied, Blëtzliicht, optesch Bedrängung, Schall a Kaméidi

An deem Kontext huet déi däitsch Ärztekammer (Ärzteforum Emissionsschutz: Unabhängiger Arbeitskreis Erneuerbare Energien - Bad Orb) rezent Recommandatiounen erausginn, déi Mindestofstänn zu Wandkraaftinstallatiounen opgrond vun de festgestallte Krankheetsbiller vu Persounen an der Géigend vu Wandkraaftanlaagen betreffen. Hei emol d'Beschreiwung vum „Wandturbine-Syndrom":

In vielen Fallstudien zusammengetragene Symptome verdichten sich in einem Syndrom, dass durch Dr. Nina Pierpont (USA, 2009) als Wind-Turbine-Syndrome zusammengefasst wurde. Die regelmäßig zu findenden Symptome dieses Syndroms sind:

- *Schlafstörungen*
- *Herz- und Kreislaufprobleme, Herzrasen, Bluthochdruck*
- *Kopfschmerzen*
- *Unruhe, Nervosität, Reizbarkeit*
- *Konzentrationsschwierigkeiten*
- *rasche Ermüdung, verminderte Leistungsfähigkeit*
- *Depressionen*
- *Angstzustände*
- *(Langzeit)Wirkung auf Kinder ???*
- *... auf schwangere Frauen ???*
- *... auf Menschen mit chronischen Erkrankungen ???*

Doraus geet ervir, datt dës Krankheetsbiller am Ëmfeld vu Wandkraaftinstallatiounen zougeholl hunn:

Abstand	Schwindel	Tinnitus	Schlafstörung
5000m (Vergleich)	10%	37%	5,4 PSQI
2000m	+ 10%	+6%	+5%
1000m	+ 20%	+10%	+13%

Angesichts der international vorliegenden Erkenntnisse halten wir das Festhalten an möglichst kleinen Abständen von ≤ 1000m aus gesundheits- und gesellschaftspolitischer Sicht nicht für verantwortbar.

Dorausser ergëtt sech dann eng sougenannte „Medizinische Ableitung der notwendigen Mindestabstände". Dës Fuerderunge gin deemno vun den däitschen Medeziner un d'Politik:

1. **Mindestabstand 10xH (Anlagenhöhe), für Gesundheitsstandorte 15xH**
2. **Einbeziehung der C-Schallbewertung in die Schallprognose**
3. **Abschaltalgorithmen in Bezug auf**
    a. **ungünstige meteorologische Bedingungen mit geringerer Luftschalldämfung (Luftfeuchtigkeit, Luftschichtung)**
    b. **verstärkte Körperschallübertragung**
    c. **ungünstige Windrichtung**
    d. **Hintergrundschallbedingungen (Amplitudenmodulation und tonale Spitzen dürfen den Level des Hintergrundrauschens nicht übersteigen)**

An deem Kontext hunn ech dës Froen un d'Mme Gesondheetsministesch:

1. Sinn déi rezent Constate vun der däitscher Ärztekammer a punkto Impakt vu Wandkraaftanlagen op d'Gesondheet vum Mënsch der Regierung bekannt?
2. Gëtt et deemno konkret Recommandatioune vum Gesondheetsministère zu Lëtzebuerg a punkto Mindestofstänn beim Bau vun Wandkraaftinstallatiounen, z.B., wéi déi däitsch Dokteren et recommandéieren, e Minimalofstand vun 10 mol der Héicht vun der Installatioun?
3. Ass d'Regierung bereet, déi neiste wëssenschaftlech Erkenntnisser a medezinesch Recommandatiounen an d'Oplagen beim Bau vun neie Wandmillen fir d'Energieproduktioun mat opzehuelen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten